PATIENTE VERTRIEDUNG ASBL

## **Communiqué: Kontakt-tracing**

D'Patiente Vertriedung asbl ass déi lescht Wochen ganz oft kontaktéiert ginn wéinst Problemer beim Kontakt-tracing. An enger Pressematdeelung huet den Directeur de la Santé zwar matgedeelt dass den Kontakt-tracing 4-5 Deeg retard huet, mir wëssen awer vu ville Fäll wou sech 3 Wochen nodeems een de Formulaire, dass en mat enger positiv getester Persoun a Kontakt war, un den Kontakt-tracing geschéckt huet, nach ëmmer net kontaktéiert ginn ass a keen Termin matgedeelt kritt huet, fir sech selwer testen kënnen ze loossen.

D'Patiente Vertriedung asbl begréisst et dass d'Santé schon eng éischt Ännerung virgeholl huet, andeems en elo keen Pdf-Formular méi muss ausfëllen, wat fir vill Leit schon een Hindernis war, elo kann een méi einfach online den entspriechenden Formular ausfëllen.

Nieft dëser Verbesserung, sin awer leider e puer Problemer net behuewe gin.

Als Kontaktpersoun muss een den Numm vun der infizéierter Persoun kennen. Dëst ass am privaten Beräich sécher kee Problem, an Schoulen an Firmen kritt een awer aus Dateschutzgrënn nëmmen d'Nummer vum positiven Kontakt matgedeelt, sou, dass een déi Donnée am Formular net kann ausfëllen, wat et onméiglech mécht de Formulaire oofzeschecken well dat Pflichtfelder sin.

Den Fait, dass en mam alen Formulaire dann keng Réckmeldung kritt an guer net vun der Santé kontaktéiert gëtt, léist bei villen Leit Veronsécherung aus, wëll sie net wëssen wéi sie sech dann sollen behuelen. Leider kritt een och net op der Helpline weidergehollef, do kritt een nëmmen matgedeelt, dass sie aus Dateschutzgrënn keng Informatiounen dierfen erausginn, och net doriwwer wou den eegenen Dossier drun ass. Et kritt een awer och net matgedeelt un wien een sech dann wende soll. De Patient ass de Moment ganz oft verluer an gëtt einfach op, weider Informatiounen ze kréien.

D'Patiente Vertriedung asbl fuerdert dofir, dass d'Prozedur muss geännert gin, dass et muss méiglech sinn fir nëmmen mat der entspriechender Kontaknummer den Formular anzeschécken.

Dessweideren fuerdert d'Patiente Vertriedung asbl och , fir Transparenz an Vertrauen bei de Bierger a Patienten ze erhalen, dass d'Duerchschnettszeit dei vergeet bis Kontaktpersounen kontaktéiert gin , wéi och d'Zuel vun de potentiellen Kontakter veréffentlecht gin.

D'Patiente Vertriedung asbl wëll ausserdeem och nach wëssen wat mat deenen Dossieren passéiert déi bis elo, och no 3! Wochen nach ëmmer net kontaktéiert gin sinn.

PATIENTE VERTRIEDUNG
ASBL

## Communiqué: Contact-tracing

Récemment la Patiente Vertriedung asbl est de plus en plus sollicitée concernant des problèmes liés au contact-tracing. La semaine dernière le Directeur de la santé a communiqué que le contact-tracing a 4-5 jours de retard, mais la Patiente Vertriedung asbl a connaissance de cas, où même après une période de 3 semaines, après avoir envoyé le formulaire de contact au service du contact-tracing, les patients n'ont à ce jour ni été contacté pour se faire tester, ni reçu le formulaire attestant une incapacité de travail pour pouvoir se mettre en quarantaine sans avoir de répercussions au travail.

La Patiente Vertriedung asbl se réjouit néanmoins que le ministère de la santé ait déjà procédé à des premiers changements du formulaire de contact, il ne faut plus remplir un formulaire de forme PDF, mais on il y a une interface web, ce qui facilite le processus considérablement.

Malheureusement quelques problèmes majeurs n'ont pas encore été abordés.

En tant que personne de contact, on doit indiquer le numéro, le nom ainsi que le prénom de la personne testée positive. Dans la sphère privée cela ne pose pas de problème, mais dans les écoles et au lieu de travail, pour des raisons de protection des données, ne sont communiqués que les codes des personnes testées positives, ce qui rend impossible l'envoi du document vers le service traçage du ministère de la Santé.

Le fait qu'avec l'ancien formulaire sans le nom de la personne de contact, on n'a pas reçu de réponse, mène à une grande incertitude chez les gens, ils ne savent plus comment faire. Malheureusement l'»Helpline » n'est pas une grande aide non plus, pour des raisons de confidentialité ils ne peuvent vous renseigner sur l'état de votre propre dossier. Le patient se sent perdu et nombreux sont ceux, qui abandonnent en cours de route parce qu'ils ne savent plus vers qui se tourner.

La Patiente Vertriedung asbl demande donc au ministère de la santé de changer la procédure, dans le sens que seul le numéro de contact est suffisant pour procéder à l'envoi du formulaire.

En outre la Patiente Vertriedung asbl demande, afin de garder la confiance en la bonne gestion de la crise, de publier le temps moyen qui s'écoule entre l'envoi du formulaire et la prise de contact du service traçage, ainsi que le nombre des contacts potentiels.

La Patiente Vertriedung asbl souhaite aussi savoir qu'en sera-t-il des dossiers de ceux, qui attendent maintenant déjà depuis 3 ! semaines d'être contactés.

1B, rue Thomas Edison L-1445 Strassen
Tél. 49 14 57–1 Fax 49 14 58
Agrément Ministère Santé 2018/04
CCPL LU02 1111 1249 7236 0000
BGLL LU67 0030 7221 0470 0000
BCEE LU07 0019 6100 0075 5000
www.patientevertriedung.lu